LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 23 juillet 2020

Le Ministre du Tourisme
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 08:43, 24/07/2020

Objet : Question parlementaire n° 2469 du 02 juillet 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Pour le Ministre du Tourisme,

Françoise Schlink
Premier Conseiller de Gouvernement

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

Äntwert vum Här Lex Delles, Minister fir Tourismus, op déi parlamentaresch Fro n°2469 vum 2. Juli 2020 vum éierbaren Députéierten Marc Goergen

De 50-Euro-Iwwernuechtungsbong ass eng Mesure vum Plan de relance "Neistart Lëtzebuerg" fir déi national Wirtschaft an den Tourismussecteur ze ënnerstëtzen. Dëse Bong ka vu Frontalieren a Residenten iwwer 16 Joer an enger Iwwernuechtungsstruktur zu Lëtzebuerg ageléist ginn. Insgesamt krute ronn 730.000 Persounen en 50-Euro-Iwwernuechtungsbong zougeschéckt, dës an Zesummenaarbecht mam "Registre National des Personnes Physiques" an dem "Centre commun de la sécurité sociale". Den Artikel 6, Punkt 1. e) vum "Règlement général sur la protection des données" rechtfäerdegt dës Virgoensweis, well explizitt virgesinn ass, datt "le traitement n'est licite que si, et dans la mesure où, au moins une des conditions suivantes est remplie: e) le traitement est nécessaire à l'exécution d'une mission d'intérêt public ou relevant de l'exercice de l'autorité publique dont est investi le responsable du traitement." Des Weideren huet d'"Commission du registre national" e favorabelen Avis zu der Notzung vun Donnéeën am Kontext vum 50-Euro-Iwwernuechtungsbong ginn.

Doduerch, datt d'Bonge per Courrier verschéckt goufen, gëtt séchergestallt, datt eng gréisstméiglech Unzuel vu Leit de Bong och kréien an dat ouni musse selwer aktiv ze ginn. Eng Opt-In-Prozedur wär fir de Bierger méi komplizéiert gewiescht an et hätt missen en Outil informatique geschaaft ginn, fir d'Verdeele vun de Bongen ze organiséieren.

D'Prozedur fir de Bong anzeléisen ass onkomplizéiert. De Client bucht säin Openthalt an informéiert den Hotelier, dass en säi Bong wëll benotzen. Beim Bezuele vun der Rechnung, gëtt de Client dem Hotelier de Bong. Um Bong befannen sech 2 verschidde QR-Coden: 1. De QR-Code "GouvCheck": Fir d'Iwwerpréiwung vun der Echtheet vum Bong. An deem QR-Code stinn an digitaler Form déi Donnéeën, déi och op de Bong geprint sinn, d.h. de Code vum Bong, de Numm, de Virnumm an de Gebuertsdatum vum Besëtzer vum Bong; 2. De QR-Code "Code": Dee Code déclenchéiert, dass den Hotelier 50€ iwwerwise kritt. Den Hotelier scannt mat sengem Smartphone a mat der GouvCheck-App de GouvCheck-QR-Code an iwwerpréift d'Resultat mat den Informatiounen, déi um Bong stinn. Den Hotelier scannt mat sengem Smartphone a mat der Letzshop-App de Letzshop- QR-Code an dréit d'Nummer vun der Clientsrechnung an der App an. Den Hotelier zitt dem Client 50€ vun der Rechnung of an den Hotelier kritt vu Letzshop 50€ iwwerwisen.

Et wier technesch méiglech, nozevollzéie wéi e Bong wéini a wou ageléist gouf. Deen Traçage ass awer net noutwendeg. Weder fir dass de Bong ka benotzt ginn, nach fir dass den Hotelier d'Valeur vum Bong ausbezuelt kritt. Aus deem Grond gëtt deen Traçage net gemaach. Fir datt den Hotelier déi Zomm iwwerwise kritt, déi him zousteet, gëtt festgestallt, wéi vill Bongen an deenen eenzelen Hebergementsbetriber ageléist goufen. Et gëtt net analyséiert wéi eng Bongen, datt dat waren. D'Unzuel vu Bongen, déi wäerte bis Ënn vun dësem Joer ageléist ginn, kann zum aktuellen Zäitpunkt nach net virausgesot ginn.